

## A propos politesch Beamten.

Gudde Mëtteg, léif Nolauschterer,

Dir hutt eech vläicht gewonnert, wéi et viru kuerzem geheescht huet, den DP-Minister Claude Meisch hätt en héijen CSV-Fonctionnaire forcéiert, fir säi Posten am Ministère opzeginn an den Direkteschposten vun der Hotelschoul unzehuelen, obschonn hien duerfir **nët** qualifizéiert ass.

Dir hutt eech och vläicht **guer nët** gewonnert, well mir dat politesch Postengeschacher hei zu Lëtzebuerg gewinnt sinn.

D'CSV, déi sech an hierer staatstragender Arroganz jarzéngtelaang nët genéiert huet, fir hir Parteigänger a Matleefer iwwerall ze positionéieren, wou si d'Soen haat, war Meeschter an där Disziplin.

Hire jeeweilege Koalitiounspartner, ob LSAP oder DP ware keng Grimmel besser.

Wéi Gambia 2013 ugetrueden ass, sollt dat alles anescht ginn.

Ganz séier huet sech awer erausgestallt, datt dës politesch Fiffiswirtschaft riicht viru gaangen ass: Eng ganz Rei vun erfuerene Beamten hunn hir Plaz misse botzen a sinn duerch Parteigänger vum jeeweilege Minister ersat ginn.

D'ADR ass der Meenung, datt dat eng héckst verwerflech Praxis ass, an datt et héich Zäit gët, datt verbindlech Regele geschaf ginn, déi dës politesch Fiffiswirtschaft souwäit wéi méiglech ënnerbannen.

Dozou gehéiert och déi schamlos Manéier mat däer Politiker, déi aus hirer Funktioun ausscheiden, op gutt dotéiert Posten placéiert ginn, och wann si duerfir nët qualifizéiert sinn.

Dëst politescht Schmarotzertum ass extrem schiedlech fir de gudde Fonctionnement vum Staat a kann nët schaarf genuch condannéiert ginn.

De bekannten däitsche Korruptiounsspezialist Hans Leyendecker bezeechent dës sougenannt „Ämterpatronage“ souguer als déi schlëmmste Form vu Korruptioun, well net nëmme Leit op Positionen gesat ginn, déi duerfir net qualifizéiert sinn, mee well quesch duerch d'Verwaltungen déi wierklech gutt a fähig Beamten découragéiert ginn an domatt de ganzen „Service public“ paraliséiert gët.

Leider feelt hei d'Zäit, fir och nëmme e puer krass Beispiller opzezielen, déi beweisen, wéi schiedlech dës Attitude vun der politescher Fiffiswirtschaft fir eise Staatsapparat ass.

Bei allem Verständnis derfir, datt e Minister gären e puer Leit ronderem sech hätt, déi him politesch no stinn, ass et nët akzeptabel, datt all Kéier, wann e politesche Wiessel erfollegt, d'Persounekarussell bei de Fonctionnären dréit, ouni datt Quereinsteiger de Staatsdéngscht duerno rëm musse verloossen.

Et ass kee Wonner, datt bei der Populatioun d'Vertrauen an d'Politik staark ofgeholl huet, well déi herrschend politesch Klass ëmmer méi d'Bild vun engem staatleche „Self-Service“ no baussen reflektéiert.

D'ADR condannéiert dës politesch Fiffiswirtschaft op d'allerschäerfst.

Si ass Gëft fir d'Demokratie an ënnerhillegt d'Vetrauen an d'Institutiounen.

Eist Land ass ze kleng, fir datt mer iis e politescht Beamtentum kënnle leeschten, wou d'Spëtzebeamten mam Minister kommen an och rëm goe mussen.

Et muss ee vun engem Fonctionnaire erwaarde kënnen, datt hië jiddfer Minister loyal déngt, egal vu wat fir enger Faarf deen ass.

Dat setzt awer viraus, datt d'Spëtzepositiounen eenzeg an eleng no Qualifikatioun an nët no Parteikaart besat ginn.

Duerfir muss eng kompetent neutral Instanz geschafe ginn, déi d'Kandidaten op hir Qualifikatioun évaluéiert, an derfir suergt, dat nëmmen déi Bescht op déi betreffend Positiounen kommen.

Wann dir och dëser Opfaassung sidd, dann ënnerstëtzt d'ADR an dëser Démarche.

Ech soen eech merci fir d'Nolauschteren